

FIEDEREN: NET JUST FAARWEG


Vulle sinn déi eenzeg nach lieweg Déieren, déi Fiederer hunn. Fiederer erfëlle villfälteg Aufgaben: Plommen halen de Kierper waarm, Schwong- a Schwanzfiederer erméiglechen d'Fléien an d'Faarf vun de Fiedere spillt eng Roll bei der Balz.

Opbau vun enger Schwongfieder

De Schaft dréit op béide Säite Fiederäscht. D'Kreep- an d'Béistralen (Haken- und Bogenstrahlen) vun dësem Äscht verhoke sech wéi bei engem Ritschratsch aneneen a maachen op dës Manéier d'Fieder fest a flexibel. Léist sech dës Verhoken op, gëtt näischt zerstéiert. Wann de Vull d'Fieder mam Schniewel nees glatsträicht, gëtt d'Verbindung nees hiergestallt.

Déi meescht Fiedere goufe bei engem Zwergschwan *Cygnus columbianus* am Wanter gezielt: 25.216 Stéck. Am Verglach: Sangvullen hunn 2.000 bis 4.000 Fiederer. Am Wanter hu Vullen an de kale Géigende méi Fiedere wéi am Summer, fir sech géint d'Keelt ze schützen.

Vulle gehéieren zu de faarwegsten Déieren. D'Faarf vun de Fiedere gëtt meeschtens duerch verschidde Pigmenter (Melaninnen, Karotinoiden) bestëmmt. D'blo Faarf dogéint entsteet duerch dënn Plättercher an de Fiederer, déi d'Liicht streeën.



Vullefluch

Den aktive Fluch kascht ganz vill Energie. Beim Zesummenzéie vum grouse Broschtmuskel gëtt de Flillek no ënne beweegt. Zitt sech de klenge Broschtmuskel zesummen, beweegt sech de Flillek mat Hëllef vun enger Seen no uewen. De grouse Broschtmuskel ass de kräftegste Muskel beim Vull: E mécht 15 % vum ganze Gewiicht aus.

D'duerchschnëttlech Fluchgeschwindegkeet vun de meeschte Vulle läit bei 30 bis 50 km/h. Am Stuerzfluch kann de Wanderfallek *Falco peregrinus* Geschwindegkeete vun 180 bis 300 km/h erreechen. Muench grouss Vullen (Stuerken, Geieren) notze waarmen opsteigende Wand (Thermik), fir un Héicht ze gewannen an da weider ze seegelen an esou Energie ze spueren.